Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature

mouvement écologique
Régionale SUD

natur&ëmwelt a.s.b.l.
Sektioun KORDALL

## PRESSEMATDEELUNG 06.07.2026

**Bëschbesichtegung vum Zämerbësch a Bobësch, klasséiert an désignéiert Natura 2000-Zonen, mam Biolog Roger Schauls**

D'Hëtztwelle kommen och an eise Géigenden ëmmer méi oft, a méi kuerzen Ofstänn an dauere méi laang. D'Klimakrise ass also och bei eis ukomm. Jo, mat Technik kann de Mënsch sëcher kuerzfristeg villes esou gestalten wéi et him passt (portable Ventilator). Bei méi grousse Problemer hëllefen déi individuell Léisungen awer net wierklech, well se net nohalteg sinn an den Impakt op déi ganz Gemeinschaft net ophiewen. Mir brauchen also kollektiv Léisungen op global Froe wéi Äerderwärmung, Dréschent an Iwwerschwemmungen. An aanere Géigenden vun eisem Planéit ass d'Klimakrise omnipräsent, an do flüchten verzweifelt Mënschen. Arrogant wéi mer sinn, weise mir mam Fanger op d'Fehler déi di aaner gemaach hunn. Dass mir am gaange sinn, déi selwecht Fehler ze maachen, widder besseres Wëssens, well d'Klimafuerscher hunn eis scho laang gewarnt an d'Szenarien virgezeechent, dat gesinn der vill, vill ze vill, leider nach ëmmer net.

Virun 4 Joer huet e Grupp jonk Aktivist.inn.en, mat der Ënnerstetzung vun der BIGS, dem Mouveco régionale sud an der natur&ëmwelt Gemeng Suessem (haut Sektioun Kordall) e Camping for furture an déi 1., a bis elo déi eenzeg, Bëschbesetzung am Bobësch organiséiert an duerchgezunn. Fläit erënnert der iech.

Hei soll e Contournement matten duerch eng europäesch geschützten an deklaréiert Natura 2000 Zon (Zämerbësch a Bobësch) fueren an wäertvollen, alen a gesonde Bësch einfach zerschneiden. Duerch den direkten Effet an den Effet lisière (Folgeschued) gingen emgerechent eng Fläch vun 27 Fussballsterraine zerstéiert ginn. Dat si net einfach nëmme Beem ma e ganze Liewenraum fir Fauna a Flora, e natierleche Loftfilter, en $CO_2$-Späicher, e Waaserspäicher, e natierlechen Temperaturregulator (Klimaanlag) an eng Erosiounsbrems bei Wand, Stuerm, Reen an Héichwaasser, déi des Funktioune da net méi kennen erfëllen.

Et ass erstaunlech, a net nozevolzéien, virwat mat den Erkenntnisser vun haut nach un Bauprojete, déi schonn an de 70ger Joeren developéiert goufen, mordicus festgehale gëtt. Och an senger neister Variant an Argumentatioun (Kordall-etude, contournement de proximité, etc…) ass de Projet weder kohärent nach logesch, ma voller Widdersprech an konträr zu den deklaréierten Klimaziler, Fërdere vun der doucer Mobilitéit, Reduzéierung vum Individualverkéier a Fërderen vum Ëffentlechen Transport.

An Zäite vu Klimakrise, Verloscht vun der Biodiversitéit soll also nees, wéi Fréier, e wäertvolle Bësch duerch eng nei Strooss vu 4 km dem Individualverkéier Plaz maachen.

Wat e gesonde Bësch alles leescht a fir Mënsch, Fauna&Flora a fir d'Vielfalt bedeit kennt der bei der Bëschwanderung mam Biolog Roger Schauls mat alle Senner, selwer erliewen.

Gewosst ass, dass de Bësch, als Biotop net ze kompenséieren ass, an de Schued fir déi kommend Generatiounen ass net méi tragbar an onverantwortlech. E Planéit B gëtt et net, a wäert et och net an Zukunft ginn!

Des Invitatioun, déi och un an all responsabel Mënschen, u Politiker.innen, un déi di Decisounen huelen geriicht ass, gëllt als Appell un de gesonde Mënscheverstand an als Opruff d'Zerstéierung vun de Bëscher ze stoppen, an aaner, méi zäitgméiss Léisungen vir d'Verkéiersproblematik ze fannen. Et gëtt Alternativen an déi sollten endlech konsidéréiert ginn !

#Bobibleift #Zämibleift #keeContournement

R-V de Samschdeg, 11. Juli 2026 vun 10:00-12:00, Entrée Bobësch, 5 min vun der Gare Suessem/Käerjeng.

Organisateurs: Biergerinitiave Gemeng Suessem asbl, Mouvement écologique, régionale sud, natur&ëmwelt Sektioun Kordall.